



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdedegung, Ëffentlechen Déngscht & Sport weiderzeleeden.

Am Moment besteet fir d'Spëtzesportler an déi déi et kéinte ginn, d'Section des sports d'élite de l'Armée. Hei kënnen d'Sportler no enger Grondausbildung Deel vun der Arméi ginn, an esou ee reegelméisseg Akommes kréien an gläichzäiteg Zäit hunn, fir sech op hire Sport ze konzentréieren. Zudem gëtt et fir Staatsugestallten eng änlech Dispositioun, notamment den Horaire aménagé, deen am Artikel 14 Punkt 1 vum Sportsgesetz vum 3ten August 2005 steet a Folgendes virgesäit:

„Un horaire de travail aménagé peut être introduit dans l'intérêt des sportifs d'élite occupés dans le secteur public. Par secteur public il y a lieu d'entendre l'Etat, les communes, les syndicats de communes, les établissements publics et la société nationale des chemins de fer luxembourgeois.»

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Sportler(innen) sinn an der Arméi als Sportzaldot agestellt?
2. Wéi enge Federatioune gehéieren dës Sportler(innen) un?
3. Vu wéi engem Budget ginn d'Depense fir d'Salairë fir d'Sportler(innen) aus der Section des sports de l'armée bezuelt an op wéi vill belafen sech déi järelech Ausgabe fir de Staat fir déi Sektoun?
4. Wéi ass deen Horaire aménagé an der Fonction public gereegelt? Wat ass hei d'Base légale nieft dësem Saz aus dem Gesetz vun 2005?
5. Kënnen d'Ministeren d'Ënnerscheeder tëscht dem Congé sportif an dem Horaire aménagé méi genau erklären? Ginn et hei Ënnerscheeder an de Krittären, déi eng Persoun muss erfëllen, fir dovun ze profitéieren?
6. Ënner wéi enger Form gëtt deen Horaire aménagé aarbechtsrechtlech ofgeschloss (Avenant zum Aarbechtsvertrag, Arrêté,...)?



7. Wéi vill Agente profitéiere momentan vun esou engem Horaire aménagé?
8. Wéi vill Agenten hunn an deene leschte 5 Joer vun esou engem Horaire profitéiert?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

